



# † Formation to go:



**I** **Meet and Greet - 1**  
2021-1 **24.10.2020**

**D** **Fels in der Brandung**  
2021-2 **21.11.2020**

**B/C** **Verhaalensoriginell**  
**Kanner,**  
2021-3 **28-29.11.2020**

**B/C** **Kreativ**  
2021-4 **09-10.01.2021**

**B/C** **Entwécklungsphase 4-17**  
2021-5 **16-17.01.2021**

**I** **Meet & Greet 2**  
2021-6 **23.01.2021**

**B/C** **Téitschen a Schrëpsen**  
2021-7 **30-31.01.2021**

**B/C** **Spill mat**  
2021-8 **06.02.2021**

**C** **Formationswoch**  
**Animateur**  
2021-9 **13-20.02.2021**

**B/C** **Grénge Krees**  
2021-10 **27-28.02.2021**

**B/C** **Ee Kand ewéi en anert**  
2021-11 **06-07.03.2021**

**B/C** **Jugendkolonie**  
2021-12 **14.03.2021**

**B/C** **Musek a méi**  
2021-13 **27-28.03.2021**

**B** **Formationswoch**  
**Aide-Animateur**  
2021-14 **03-10.04.2021**

**B/C** **Abenteuer an de Natur**  
2021-15 **Den Datum gëtt  
spéider festgeluecht**

**B/C** **Thema Sexualitéit**  
2021-16 **08-09.05.2021**

**D** **Teamgeescht an**  
**Teambuilding**  
2021-17 **15-16.05.2021**

**B/C** **Kachen a brachen**  
2021-18 **12-13.06.2021**

► All ons Formatioune fannen zu Bartreng an onsem Centre de Formation et de Rencontre "Am Bongert" statt.

► 1 Formatiounsweekend dauert vu Samschdegmëttes 15 bis Sonndegmëttes 15 Auer. Iwwernuechten an onsem Formatiounszenter ass obligatoresch.

► 1 Formatiounsdaag dauert vu Samschdegmoies 9 bis Samschdegmëttes 17 Auer.

► 1 Formatiounsweekend kascht 20€ "all inclusive"

► 1 Formatiounswoch kascht 120€ "all inclusive"

*Falls Ännerunge géife virleie gitt dir heiriwwer informéiert*

Erklärungen zu de Code 'en:

**B/C** Brevet **B** a Brevet **C**

**D** Brevet **D**

**I** Infodaach

# **I** Programm:

All eis Weekender sinn zougänglich fir de Brevet B a C, ausser et steet eng speziell Kennzeechnung hannert dem Titel vum Weekend.

## **I** Meet and Greet -1 2021-1

**24.10.2020**

Hues du Loscht dech sozial ze engagéieren? Bass du op der Sich no enger Organisatioun an däers du kanns aktiv ginn? Hues du Loscht d 'Rout Kräiz an d' Jugendroutr Kräiz kennen ze léieren?

Um MEET & GREET kriss du all Informatiounen zum Thema Kolonien, Animateurs Formatiounen, Projeten a fräiwëllegt Engagement. Virun allem awer léiers du op dësem Daach nei Leit kennen déi deng Interessien deelen. Moniteuren a Formateuren déi scho laang een Deel vum Jugendroutr Kräiz sinn, erzielen dir alles wat 's de wësse wëlls.

Mell dech schnell un: Dësen Daach ass dän éischte Schrott um Wee an déi weltwäit Bewegung vum Roude Kräiz.

De MEET & GREET ass obligatoresch fir de Brevet B.

## **D** Fels in der Brandung 2021-2

**21.11.2020**

Dëse Weekend ass ee vun zwee Deeler vun eiser Spezialisatioun Teambuilding a Stressmanagement.

Ee Grondbedierfnis vum Mënsch an ganz besonnesch vum Kand ass d 'Sécherheet. Ween kann an enger Kolonie besser Sécherheet vermëttele wéi ee Moniteur/eng Monitrice deen/ déi d 'Rou behält? Op dësem Daach gesi mer, wéi dir iech schonn Wochen virun enger Kolonie optimal virbereede kënn, fir Stresssituatioune gutt gewappnet ze begéinen. Dir léiert är eege Stressausléiser, -Verstärker an -Reaktiounen kennen a kritt Techniken a Methode mat op de Wee fir de Stresspegel ze senken, respektiv tëschenduerch Energie a Kraaft ze tanken. Gläichzäiteg gesi mer wéi dir mat verschiddene vun deenen Techniken och de Kanner a Jugendlechen hëllef kënn.



## Verhaalensoriginell Kanner 2021-3

28-29.11.2020

ADHS? Hyperaktivitéit? Streit? Isolatioun? Oder einfach nëmme Chaos?

Wann ee Kand ausfliipt steet een als Moniteur oft viru Situatioune wou ee keen Auswee méi weess. Wéi reagéieren ech am beschten? Gett et en „geheimt Rezept“ fir op des „verhaalensoriginell“ Kanner ze reagéieren? Op dës an nach vill aner Froe probéiere mir an dëser Formatioun Äntwerten ze fannen.



## Kreativ 2021-4

09-10.01.2021

Wéi kann ech eng Kolonie kreativ gestalten? Wei zeien ech ee roude Fuedem duerch eng Kannerkolonie? Weieng Zorte vu Kreativitéit ginn et? Wéi kann ech de Kanner hir, awer och meng eege Kreativitéit ënner Beweis stellen. Op eisem Kreativweekend tauche mir a kreativ Welten an, ginn dorobber a wéi een eng ganz Kolonie an eng Geschicht abënnt a wéi een dës Geschicht an de Kanner hirer Fantasie an d'Wierklechkeet ëmsetzt.



100% mënschlech

Rock ,n' Roll am Blut

Pack eng Hand mat un

- ▶ Hues de Loscht dech ze engagéieren?  
\_\_\_\_\_
- ▶ Hues de Loscht onvergiesslech Momenter mat Kanner a Jugendlechen ze erliewen?  
\_\_\_\_\_
- ▶ Hues de Loscht nei Leit kennen ze léieren?  
\_\_\_\_\_
- ▶ Hues de Loscht Erfahrungen ze sammeln an eppes derbäi ze leieren?

**Dann zeck net laang a géff Moniteur an de Vakanzekolonië vum Jugendroutrëiz.  
Mell dech einfach un! Mir freeën eis op dech!**

## **B/C** **Entwécklungsphasen 4-12** 2021-5

16-17.01.2021

Mir kucken eis un wat déi spezifesch Entwécklungsstufe vun de Kanner vu 4-7 a vun 8-12 Joer sinn, sou dass mer en bessert Verständnes vun hirem Verhalen an hire Bedierfnisser an enger Kolonie kréien. Mir ginn drop a wéi mer deene Bedierfnisser an enger Kolonie kënnen gerecht ginn, wéi mer de Kanner a Jugendlechen hiert Verhale lenken an déi verschidden Aktivitéiten a Situatiounen altersgerecht gestalte kënnen

Wat fir Grenzen a Reegele si fir wéien Alter wichteg? Wéi kann ee Limitten am beschte vermëttelen a liewen? Wat kann een zu enger positiver Gruppendynamik bäidroen? Wat fir altersspezifesch Erausforderunge kënnen oprieden a wéi kann een hinne begéinen?

## **I** **Meet and Greet -2** 2021-6

23.01.2021

Hues du Loscht dech sozial ze engagéieren? Bass du op der Sich no enger Organisatioun an däers du kanns aktiv ginn? Hues du Loscht d 'Rout Kräiz an d' Jugendroutkräiz kennen ze léieren?

Um MEET & GREET kriss du all Informatiounen zum Thema Kolonien, Animateurs Formatiounen, Projeten a fräiwëllegt Engagement. Virun allem awer léiers du op dësem Daach nei Leit kennen déi deng Interessien deelen. Moniteuren a Formateuren déi scho laang een Deel vum Jugendroutkräiz sinn, erzielen dir alles wat 's de wesse wëlls.

Mell dech schnell un: Dësen Daach ass däin éischte Schrott um Wee an déi weltwäit Bewegung vum Roude Kräiz.

De MEET & GREET ass obligatoresch fir de Brevet B.

## **B** **Téitschen a Schrëpsen** 2021-7

30-31.01.2021

«Aua, ech sinn an eng Muschel getrëppelt!» Ee Kand blutt an huet nach e Stéck vun der Muschel an der Wonn hänken. An elo?

Esou Situatiounen kennt een als Moniteur nëmmen ze gutt.

Op dësem Weekend gitt dir gewuer, wéi een kleng Wonnen behandelt an aner Boboen versuergt. Dir kritt Grondkenntnisser vun enger schneller Hëllef oui Panik gewisen an fannt eraus wéi een eng éischt Hëllefrousse richteg benotzt.

Opgepasst: Dëst ass keen unerkannten Éichthëlfscours!



**B/C** **Spill mat** 2021-8  
06.02.2021

---

Télé, Snap, Insta, Spillkonsol a Smartphone. Wéi vill Zäit verbréngt all Jonke mat dësen elektronischen Apparater? Wei oft ass dat d' Mëttel fir Langweil ze bekämpfen. Eng super Alternativ ass hei d'Gesellschaftsspill. Zesumme wäerte mir erausfanne wéini ee wat ka mat wiem spillen. Du hues d' Méiglechkeet dee ganzen Dag aktiv ze spillen an eng ganz nei Welt kennen ze leieren.

**C** **Formatiounswoch animateur** 2021-9  
13-20.02.2021

---

An der Animateursformatiounwoch stinn deng Erfarungen an Erkenntnisser déi 's du als Aide-Animateur gemaach hues am Zentrum. D' Formateurswoch fir de Brevet C ass ganz praxisorientéiert. Duerch den Austausch mat aner Moniteuren a Formateure léiers du méi iwwert dech selwer kennen, a kanns erliefte Situatioune reflektéieren. Theme wéi Konfliktléisung, Gruppendynamik a Kommunikatioun ginn esou opgegraff dass du se konkret an der Kolonie kanns gebrauchen.

**B/C** **Grénge Krees** 2021-10  
27-28.02.2021

---

Bass och du schockéiert wéi vill Plastik dir di lescht Kolonie ewechgeheit hutt? Frees du dech wei een och eng Kolonie méi nohalteg an ëmweltschonend gestallte kann? Wëlls du de Kanner a Jugendeche mat op de Wee gi wei sinn nohalteg a bewusst Liewe kennen?

An der Formatioun vum Grénge Krees kriss du vill Informatiounen Tipps an Tricks weis du deng Gewunnechten an der Kolonie an doheem ännere kanns. Niewebäi kriss de och Iddien an Inspiratioun fir Aktivitéiten zu dësem Thema ëmzesetzen. Sief mat derbäi an hëllef och du beim Ëmdenken!

**B/C** **Ee Kand ewéi en anert** 2021-11  
**06-07.03.2021**

---

Ganz nom Prinzip vun der Inclusioun huelen un de Vakanze vum Jugendroutrkräiz gläicher Moosse behënnt an net behënnt Persounen deel. Mee wat ass dat iwwerhaapt, eng Behënnerung? Wat fir eng Forme vu Behënnerung gëtt et? Wéi kenne mir Vakanken esou gestalten, dass se fir jiddereen een Highlight ginn?

Op dës Froen, an op honnert anerer, siche mir op dësem Weekend Äntwerten. Bei engem Deel vun der Formatioun gëtt ganz spezifesch op verschidden Hiewtechnike fir Leit mat Behënnerung agaangen.

**B/C** **Jugendkolonie** 2021-12  
**14.03.2021**

---

Kee Kand méi awer och nach net richtig erwuessen. Wou situéiert sech de Moniteur tëschent Autoritéit a Matbestëmmung an enger Jugendkolonie. Jugendlecher tëschent 13 a 17 Joer hunn hir ganz eegen Usichten, Besoinen an Denkweisen an et ass hei net ëmmer einfach fir e Moniteur de richtigen Toun unzeschloen. An dëser Formatioun gëss du gewuer op wat dass du an der Jugendkolonie muss oppassen an du kriss d'Entwécklungsphase vun engem Jugendlechen erkläert. Esou steet enger gelongener Vakanz näischt méi am Wee.

**B/C** **Musik a méi** 2021-13  
**27-28.03.2021**

---

Musek zitt Kanner an hire Bann, si faszinéiert, a motivéiert fir mat ze maachen. Vun danzen iwwer sange bis hin zu zesumme Musek maachen, an dëser Formatioun kriss du ee risege Package vun Aktivitéiten déits du mam Thema Musek an der Kolonie kanns maachen.

**B** **Formatiounswoch Aide-Animateur** 2021-14  
**03-10.04.2021**

---

An der Aide-Animateursformatiounswoch léiers du d 'Liewen am Grupp richtig kennen. Zesumme ginn Aktivitéite geplangt a Spiller organiséiert.

Di ganz Woch ass wéi eng Aart «Drëchenübung», an där mir Situatiounen, deenen een sech als Animateur stelle muss gemeinsam erliewen, an ausdiskutéieren. Zum Schluss vun der Woch solle keng Froe méi opstoen an du solls dech prett fille fir endlech als Moniteur duerch ze starten.

## **B/C** Abenteuer an de Natur 2021-15

Den Datum gëtt spéider fixéiert a per Mail matgedeelt.

---

Egal op an den Dünen zu la Panne, am Bësch um Neihaischen, um Wattermier an Holland oder an de Bierger an Eistereich, d'Natur bitt ee risegt Spillfeld a waart nëmmen dorop entdeckt ze ginn. Ganz no de Prinzippe vun der Erliefnespedagogik kriss du an dëser Formatioun Iddie weis du de Kanner an der Kolonie op spilleresch Aart a Weis d'Natur kanns méi no bréngen an esou zesummenhalt an Kooperatioun am Grupp stärke. Zesumme maache mir eis Gedanke Abenteuer an der Natur kann erliewen an dobäi onvergesslech Erfarunge mécht.

## **B/C** Thema Sexualitéit 2021-16

08-09.04.2021

---

Mir schwätzen driwwer: Sexualitéit!

Informatiounen, Diskussiounen, Ëmgang mam Thema Sexualitéit a geschlechtsspezifesch Rollenverständniss. Op wat muss ech an der Kolonie mat Kanner a Jugendlechen oppassen? Wei soll ech als Moniteur mat dësem Thema ëmgoen? Wou si meng Grenzen a Limitten?

## **D** Teamgeescht an Teambuilding 2021-17

15-16.04.2021

---

Dëse Weekend ass ee vun zwee Deeler vun eiser Spezialisatioun Teambuilding a Stressmanagement.

Een Team sinn, wat heescht dat? Wéi funktionéiert een Team? Wei schafft een am beschten zesummen? Fann et eraus! Mat vill Praxis, Spill a Spaass gëss du hei alles iwwer Teambuilding gewuer.

## **B/C** Kachen a Brachen 2021-18

12-13.04.2021

---

Du wëlls mat an d' Selbstversorgerkolonie? Du kanns net Kachen?

Kee Problem!

Op dësem Weekend weise mir dir all Tricks an Tipps wéi ee fir en grouse Grupp gutt a frësch kache kann, ouni mussen en 5 Stäre Kach Concours ze gewinnen. Ausserdeem kriss du all néideg Infoen déi mam Kachen zesummen hänken, zum Beispill Allergien, Nohaltegheet a Killketten.



# T Konditiounen:

## D'Formatioun "Aide-Animateur" a "Animateur" ass an 2 Etappen agedeelt:

- ▶ "Aide-Animateur d'activités de loisir Brevet B"
- ▶ "Animateur d'activités de loisir Brevet C"

## Konditiounen fir de Brevet B (Aide -Animateur):

- ▶ Mindestens 15 Joer al sinn

### Wat muss ech maache fir Aide-Animateur ze ginn?

- ▶ 1 Meet and Greet Infodaag
- ▶ 3 Formatiounsweekender
- ▶ 1 Formatiounswoch "Aide-Animateur"
- ▶ 1 Vakanzekolonie

*Dës Formatioun dauert mindestens 150 Stonnen*

## Konditiounen fir de Brevet C (Animateur)

- ▶ Mindestens 16 Joer al sinn
- ▶ Eng ofgeschloss Formatioun  
"Aide-Animateur, Brevet B"

## Wat muss ech maache fir Animateur ze ginn?

- ▶ 3 Formatiounsweekender
- ▶ 1 Formatiounswoch "Animateur" (*hefir muss  
de mindestens 2 Kolonie matgemaach hunn*)
- ▶ 1 Vakanzekolonie

*Dës Formatioun dauert mindestens 150 Stonnen*

## Konditiounen fir de Brevet D (Animateur spécialisé)

- ▶ Mindestens 18 Joer al sinn
- ▶ Eng ofgeschloss Formatioun "Animateur,  
Brevet C"

### Wat muss ech maache fir Animateur spécialisé ze ginn?

- ▶ 2 Formatiounsweekender vum Brevet D
- Dës Formatioun dauert mindestens 25 Stonnen*





# Aschreiwén an Informatioun

## Aschreiwén an Informatioun

**Postadress:**

B.P. 51 – L-8005 Bertrange

**Onsen Site:**

10 Cité Henry Dunant  
L-8095 Bertrange

**Tel:** +352 2755 6200

**Fax:** +352 2755 6201

[vacances@croix-rouge.lu](mailto:vacances@croix-rouge.lu)

**f** @croixrougeluxembourgeoisejeunesse

@FormationAnimateurJugendroutkräiz